N°2540
Entrée le 24.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°2540 du 1er juillet 2025 de l'honorable député Marc Goergen au sujet des aides énergétiques**

1. Wéi eng weider Moossnahmen dierf Lëtzebuerg am Aklang mam EU-Recht ënnerhuelen, fir d'Leit bei de Stroumpräisser z'entlaaschten?

En attraktive Stroumpräis ass eng zentral Viraussetzung fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber an d'Kafkraaft vun den Haushalter. Zousätzlech sinn Investitiounen an d'Stroumінfrastruktur essenziell fir d'Sécherheet an d'Nohaltegkeet vun der nationaler Energieversuergung.

Fir dëst Zil ze erreechen, huet d'Regierung decidéiert ab 2026 substantiell d'Netzkäschten ze ënnerstëtzen a sou een Deel vun de Käschte vum Ausbau vum Stroumnetz iwwert d'Staatskeess ze finanzéieren.

Iwwert dës Netzkäschtenhëllef kënne souwuel d'Haushalter wéi och eis Betriber vun engem méi bëllege Stroumpräis profitéieren.

De Gesetzesprojet deen de 24. Juli vum Regierungsrot ugeholl gouf, gesäit fir d'Joer 2026 eng Participatioun an Héicht vun 150 Milliounen Euro un de Käschte fir d'Stroumtransport- a Verdeelungsnetz vir.

D'Regierung huet decidéiert, op d'mannst déi nächst dräi Joer, bei de Käschte fir d'Stroumnetz ze participéieren.

Déi genee Auswierkungen op d'Tariffer fir 2026 kënnen allerdéngs eréischt am Hierscht evaluéiert ginn, nodeems déi reglementaresch Prozedur fir d'Festleeë vun den Tariffer ofgeschloss ass.

Luxembourg, le 24/07/2025
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles